N°3798
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/03/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

Et gëtt aktuell kee kloer definéierte legale Kader zu Lëtzebuerg, deen de Beruff vum Assistant vétérinaire reglementéiert. D'Leit an dësem Beräich goufen dacks am Ausland forméiert a sinn och kompetent, well se vun enger gudder Ausbildung profitéiert hunn.

Allerdéngs dierfen d'Assistenten net all hir Kompetenzen zu Lëtzebuerg asetzen, well vill Aufgaben net an Eegeverantwortung, ouni ee Veterinär, dierfen ausgefouert ginn. Dorënner fält zum Beispill d'Huele vu Bluttprouwen. Mat engem passende legale Kader kéinten dës Beruffer eng wichteg Entlaaschtung fir d'Veterinairen duerstellen an zur Verbesserung vum Fonctionnement an de Praxisse bäidroen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Fro stellen:

1. Schafft d'Regierung aktuell drun, fir méi präzis Reegele fir de Beruff vum Assistant vétérinaire zu Lëtzebuerg anzeféieren?
   Wa jo, wat ass geplangt a wéi en Zäitplang ass virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés